



Emweltberodung Lëtzebuerg asbl
Äre Partner bei Ëmweltfroën



Lëtzebuerg, de 17. Mee 2018

Pressecommuniqué vun der Umweltberodung Lëtzebuerg zum Dout vum Här Staatssekretär fir Ëmwelt M. Camille Gira

E léiwen an éierleche Mënsch, deen säin Engagement eecht geholl huet a fir seng Iwwerzeegungen astoung an dës och géint staark Kritik verdeedegt huet, huet eis op eng tragesch Manéier verlooss. De Camille Gira huet de Natur- a Klima- an Ëmweltschutz hei zu Lëtzebuerg no vir bruecht wéi keen aneren.

Hien huet eis gewisen, wéi aus der Theorie déi konkret Ëmsetzung an d'Praxis vu komplexen Themen méiglech ass, dës a senger Gemeng an zënter senger Nominatioun als Staatssekretär och um nationale Plang. De Succès vu villen Aktiounen ass enk verbonne mat sengem Numm. Säi Courage fir sech a schwierigen Dossierën de Kritiker ze stellen, déi vill ze oft net zëmperlech waren, war bemierkenswäert.

De Camille huet ganz vill dozou bäigedroen, datt d'ONGen am Natur- a Klimaschutzberäich an hirer Roll gestärkt gi sinn, haut gehéiert ginn a ganz aktiv an d'Ausschaffe vu wichtege Themen mat agebonne sinn. D'Ëmweltberodung Lëtzebuerg hat am Camille en Uspriechpartner, deen eis no vir bruecht huet, deen eis gefuerdert huet an deen eis Iddien opgegraff an zesumme mat eis ëmgesat huet. Merci Camille fir déi flott Zesummenaarbecht!

Seng Iwwerzeegung war, datt eng Plattform wou vill Akteuren hir Meenung kënnen mat erabréngen, dat beschte Mëttel ass fir déi gutt Iddien erauszekëddelen an iwwer all Akteur dës Iddien och breed ze streeën. Dës huet op ville Niveauen eng nei Diskussiounskultur ugestouss.

Mir sinn iwwerzeegt, datt dem Camille säin Engagement eis all als Beispill déngt an eis inspiréiert, fir eis a sengem Sënn weiderhin dem Natur- a Klimaschutz ze verschreiwen, fir den zukünftige Generatiounen eng gesond a liewenswäert Ëmwelt ze erhalen.

Mir wëllen der Famill vum Camille eist déifste Matgefill ausdrécken an dësem schwéiere Moment.

Guy Spanier

President vun der Ëmweltberodung Lëtzebuerg